MAISON DU GRAND-DUC

Biographie de Son Altesse Royale
La Princesse Alexandra

D'Prinzessin Alexandra ass de 16. Februar 1991 an der Maternité Grande-Duchesse Charlotte zu Lëtzebuerg op d'Welt komm.

Presentatioun

D'Prinzessin Alexandra Joséphine Teresa Charlotte Marie Wilhelmine, Prinzessin vu Lëtzebuerg, Prinzessin vun Nassau a Bourbon-Parme, ass dat véiert Kand an déi eenzeg Duechter vum Grand-Duc an der Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg. Hir Bridder sinn den Ierfgroussherzog, de Prënz Guillaume (1981), de Prënz Félix (1984), de Prënz Louis (1986) an de Prënz Sébastien (1992).
D'Prinzessin Alexandra dréit den Uerde vum Lion d'or vum Haus Nassau zanter 2009.

Ausbildung

D'Prinzessin Alexandra huet hir Primärschoul zu Angelsbierg (Lëtzebuerg) gemaach, duerno goung si an de Lycée Vauban zu Lëtzebuerg, wou si 2009 mat engem literaresche Bachelor, mat Mentioun, ofgeschloss huet.
Duerno ass d'Prinzessin fir Universitéitsstudien an d'Ausland gaangen. No engem Studiegang an der Psychologie a Sozialwëssenschaften an Amerika huet d'Prinzessin hir Studien zu Paräis virugefouert. Do huet si eng Lizenz an der Philosophie mat Schwéierpunkt Ethik an Anthropologie gemaach. Ofgeschloss huet d'Prinzessin Alexandra hir Studien am Trinity College zu Dublin. Zanter 2017 huet si e Master an den interreliéise Studie vun der Irish School of Ecumenics mat enger Spezialisatioun an der Konfliktléisung.

Duerch den Intressi un der Politik an dem Studéiere vu Reliounen huet d'Prinzessin Erfarung am journalistesche Beräich am Noen Osten gesammelt grad wéi an internationale Relatiounen duerch e Stage am Sécherheetsrot vun de Vereenten Natiounen zu New-York zu där Zäit, wou Lëtzebuerg net-permanente Member war.

D'Prinzessin schwätzt fléissend lëtzebuergesch, franséisch, englesch a spuenesch. Dobäi komme gutt Kenntnisser an der däitscher an italienescher Sprooch.

Offiziell Aktivitéiten a Verflichtungen

Wann hire Kalenner et erlaabt, hëlt d'Prinzessin un den Aktivitéite vun der groussherzoglecher Famill deel an ass bei verschiddenen Zeremonien oder offiziellen Aktivitéiten dobäi wéi dem Nationalfeierdag oder der Staatsvisitt a Japan am November 2017.
Um soziale Plang engagéiert d'Prinzessin sech als Benevole an der Flüchtlingshëllef. Bei der Lëtzebuerger Déiereschutzliga an der Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung huet si den Haut Patronage iwwerholl.

Hobbiën an Intressen

D'Prinzessin ass un der Literatur intresséiert a reest gären, fir esou nei Kulturen a Sprooche kennenzeléieren. Si ass ganz sportlech a spillt ënner anerem Tennis, fiert alpine Schi a Waasserschi. Laang Zäit huet si och gedanzt a war am Turnen aktiv.